



Fernand ETGEN  
President vun der  
Chamber vun den Deputéierten  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 22/11/2021

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Finanzen weiderzeleeden.**

D'Valeur déi enger Kryptowärungen zougesprach gëtt ass volatil. De bekanntsten "Coin" - Bitcoin - huet 2020 een 3faches u Wäert gewonnen, war awer gläichzäiteg déif gefall nodeems een Amerikanesche Milliardär, d'Wärung als net nohalteg bezechent huet. Trotz dëser Volatilitéit vum Wäert, kann een dovun Ausgoen, dass Persounen, déi fréi an dës digital Wärungen investéiert hunn, ee grouesse Rendement gewonnen hunn. Eng Persoun déi 2012 10 Bitcoin fir ronn 50€ kaaft huet, kéint dës haut a ronn 400'000€ zréck tauschen.

Mëttlerweil ginn et och ëmmer méi Produiten déi ee mat dësen digitale Wäerunge ka kafen. Am New York Times Artikel "*What Can You Actually Buy With Bitcoin?*", hunn d'Journalisten zu dësem Thema recherchéiert. Dat bekanntste Beispill, vu Produiten déi ee mat Krypto ka kafen ass wuel een Elektroauto mee mëttlerweil ginn et och Programmer, duerch déi een indirekt Saachen op Amazon ka mat Bitcoin oder aneren digitale Wäerunge ka bezuelen an och éischt physisch Butteker déi dës als Bezuelungsmëttel unhuelen.

Esou kann et sinn dass eng Persoun sech fir wéineg Euroe vill "Coins" kaaft huet a mat dësen herno ka Produkte mat héijem Euro wäert bestellen an esou vill Geld spueren.

An deem Zesammenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Eng Persoun déi Wueren mam Beki keeft, muss se op dësem Afkaf nëmmen déi ufaalent TVA bezuelen. Gëllt dëst och fir den Afak vu Wueren mat Kryptowäerungen?
2. Musse Privatpersounen a Betriber just op een eventuelle Gewënn beim Tausche vu Krypto op eng vun der Zentralbank unerkannte Wäerung Stéiere bezuelen an net wann si dës géing physisch Wueren ëmtauschen (zum Beispill een Tesla)?
3. An der Äntwert op d'parlamentaresch Fro n°4821 heescht et:

*"Wat déi drëtt Fro vun den honorabelen Deputéierte ugeet, wann e Betrieb fir seng Wueren oder seng Servicer eng aner Konterpartie akzeptéiert wéi eng Wäerung fir déi d'europäesch Zentralbank ee Wiesselkuer fir den Euro festsetzt a publizéiert, da muss dës Konterpartie fir d'Zwecker vun der*



[www.piraten.lu](http://www.piraten.lu)

*Comptabilité souwéi steierlech vum Commerçant no de gesetzlech festgeluechte Prinzippien evaluéiert ginn."*

Kann de Minister hei weider Detailler ginn?

4. Kann de Minister ausschléissen, dass Persounen déi Wueren mat Kryptowärungen bezuelen an Zukunft müssen zousätzlech Stéieren op dës bezuelen?

Mat déiwem Respekt,



GOERGEN Marc

Député

